



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. August 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister weiderzeleeden.


Fir hir Nato-Verpflichtungen ze erfëllen, gëtt Lëtzebuerg vill Sue fir Projeten aus. An Zesummenaarbecht mat der belscher Arméi gehéiert dozou och de Kaf vun engem Militärtransporter A400M, an och de Kaf vun Helikopteren. Déi belsch Arméi huet schonn aacht NH90-Helikopteren, dovu véier an der maritimer Variant, déi ronn en Drëttel méi deier ass wéi déi terrestresch Versioun a 45 Milliounen soll kaschten (www.european-military-aircrafts.net). An der „Air Forces Monthly Revue“ an och bei den Militärspezialisten vun Jane's sinn elo belsch Pläng publik gemaach ginn, fir déi véier Iwwerland-Helikopteren ze deklasséieren, respektiv méi begrenzt anzesetzen. Als Grond ginn déi héich Bedriewkäschten, de reduzéierte Support vum Hiersteller fir dee Modell, deen 1995 fir d'éischt geflunn ass, a Personalmangel bei der Maintenance an am Fluchbetrib genannt.

Dozou wéilt ech dem Här Arméiminister dës Froe stellen:

1. Kennt den Här Minister déi belsch Pläng fir den Asaz vun NH90-Helikopteren an der belscher Arméi ze reduzéieren? Wéi wäit ass dee Lëtzebuenger Acquisitionsprogramm fir Helikoptere vun deenen Entwécklung eventuell betraff?
2. Wéi ass den aktuelle Stadium vum Lëtzebuenger Helikopterprogramm?. Si schonn Helikoptere bestallt ginn a, wa jo, gëtt et eng Méiglechkeet, d'Bestellung nach ouni kontraktuell Strofen ze änneren?
3. Kann den Här Minister soen, wéi héich de Kafpräis vun deenen dräi Maschinnen ass, déi, laut eise Quellen, fir d'Lëtzebuenger Arméi envisagéiert sinn? Ass de Präis vun am Ganzen ronn 105 Milliounen Euro richteg?
4. Wéi sinn déi genee Modalitéite vun der belsch-lëtzebuergescher Kooperatioun am Helikopterprogramm?
5. Gi Lëtzebuenger Mecanicien a Militärpilote fir dës Maschinnen ausgebilt?

6. Wéi kommentéiert den Här Minister de Fait, datt den europäeschen Helikopterprojet NH90, 15 Joer nom Ufank vu senger Fabrikatioun schonn um Enn ze si schéngt, an datt de Support duerch den europäesche Konsortium, deen den Helikopter entwéckelt a gebaut huet, reduzéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le **29 SEP. 2020**

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:45, 29/09/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.1056.20

Objet : Question parlementaire n°2744

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n° 2744
du 27 août 2020 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de
« Hélicoptère militaire »**

D'belsch Défense huet de 24. Juni 2020 an engem Pressecommuniqué selwer iwwert d'Reduktioun vun hire Fluchstonne kommunizéiert.

Aktuell envisagéiert d'lëtzebuerger Défense net Helikoptere vum Typ NH90 ze kafen. Et goufe keng kontraktuell Engagementer geholl an et gëtt och dofir kee lëtzebuerger Personal ausgebilt.

Virun der Tatsaach dass Lëtzebuerg net Member vum europäeschem Helikopterprojet NH90 ass, si mer net am Besëtz vun den néidegen Informatiounen fir en fondéierten Avis iwwert dëse Programm ofzeginn.